Eemoleg war et wéi mir d'Zelt bei der Gemeng haten; mir haten d'Nationallotterie invitéiert. Deemols ass d'Nationallotterie nach all Mount an enger anerer Uertschaft opgetruede mat Lëtzebuerger Kënschtler wéi den Harry Hagen. Hien hat bei eis säi leschten Optrëtt.Et war dat beschte Kiischtefest fir eis mat 1800 Entreeën.

Grouss Orchesteren hate mir och, wéi den Alb Hardy. Mir haten och alt Sport ,an zwar war dat Freides, den 3. Juli 1981: „Grande Soirée de Catch“ mat engem Combat féminin.

Joerelaang hatten mir eng fest Plaz bei eisem Keessier Fernand Hoss a senger Wiss déi mir amenagéiert hunn an hate eis Rou.

Awer mat der Zäit hunn déi grouss Baler ofgeholl, a mir hunn eis missten eng afale loossen, wéi mir d'Kiischtefest anescht kënnten organiséieren.

Am Joer 1991 hu mir eng Wandersektioun gegrënnt, fir dass méi Leit erëm op d'Kiischtefest solle kommen. Wéi mer am Joer 2003 dunn op d'Duerfplaz komm sinn ass aus deenen zwee Deeg Fest nëmme nach een Dag ginn.

70 Joer ass laang, mir haten oft vill Opreegung mee et war och schéin.

Ech wënschen Iech alleguer nach vill a schéin Trëntenger Kiischtefester















# 70. Kiischtefest zu Trënteng

## 48. International IVV-Vollekswanderung

E Sonndeg, de 5. Juli 2015 huet d'Trëntenger Musek hiert 70. Kiischtefest zu Trënteng op der Duerfplaz organiséiert. Dëst Joer war och déi 48. International IVV-Vollekswanderung vu 5, 10 an 20 km.

Moies war den traditionelle Kiischtemaart mat Kiischteprodukter. Am Kader vum 70. Kiischtefest huet och eng Oldtimerausstellung an e Vernissage vum Iva Mrazkova stattfonnt.

Mëttes stoungen Chili con carne, Wierschterscher mat Gromperenzalot, hausmaacher Kniddelen a verschidde Spezialitéite vum Grill um Menu. De Musekveräin „Bergmannskapelle Glück auf Thomm 1927 e.V." aus Däitschland huet de Concert Apéritif gespillt.

Am Nomëtten konnten d'Wäinprinzessinnen um Kiischtefest begréisst ginn. Sie kruten alles ronderëm d'Kiischtefest an d'Kiischten aus dem Trëntenger Dall verzielt. D'Harmonie Municipale vu Mondorf huet um 14.30 Auer e weidere Concert presentéiert. Uschléissend huet de Néckel beim Thé Dansant fir e flotten Ofschloss vum Kiischtefest 2015 mat Danzmusek an Ennerhalungsmusek gesuergt.

Véier Deputéirt hunn dëst Joer d'Kiischtefest besicht: d'Tessy Burton, de Lex Delles, de Leon Gloden an d'Octavie Modert.

Och dëst Joer war d'Kiischtefest nees e groussen Erfolleg an et konnte vill Leit vun no a wäit begréisst a begeeschtert ginn.

D'Trëntenger Musek seet nach eng Kéier allen Leit villmols Merci, déi dozou bäigedroen hunn, dass och

# Grondschoul Trënteng Cycle 4.2

E puer Impressioune vun onsem Openthalt zu Paräis vum 6. bis den 10. Juli 2015

Mir si prett fir den Depart mam TGV um 08.11 Auer …

vu lénks no riets : Anouk Heynes, Charlotte Lambrechts, Robine Oms, Jessica Kremer, Lisa Sharapova , Joanne Oms, Mala Kent, Volker Becker (Schoulmeeschter), Inês Santos Moura, Aurélie Cherrier, Yann Cordewener, Marie-Paule Boever (Begleederin)



# Theater Maison Relais

Den 14.7.2015 hate mir Besuch vu Viichten. Am Kader vun engem interkommunalen Projet deen d'Chargée vu Viichten Mme Mersch Sandy an d'Adjointe vun hei, Mme Thoma Nadine lancéiert hunn, sinn d'Kanner vun der Maison Relais



Viichten bei eis Theater spille komm. Si, awer och mir, waren opgereegt. D'Kanner vu Viichten waren opgereegt well se nach ni viru frieme Leit gespillt hunn a mir waren opgereegt, well nach ni een extra bei eis komm ass fir Theater ze spillen.



D'Acteuren vu Viichten hunn de Public mat hirem Stéck « Zauberer von Oz »iwwerzeegt an mir sinn esou verbliwwen, datt mir de Kontakt bäibehalen an datt mir dann nächst Kéier op Viichten fueren fir do Theater ze spillen.

Et wor eng ganz flott Erfahrung fir d'Kanner, fir d'Elteren an awer och fir eis.



# Summerturnéier 2015, organiséiert vum CEP zesummen mam El

Well esou vill Umeldungen erakoumen, ass d'Turnéier op 3 Deeg verlängert ginn. Prüfungen vun de Klassen E, O, A*, A**, L , M an S goufen ugebueden. Fir sonndes mëttes gouf et och nach eng Kür ( Reiden op eng perséinlech erausgesichte Musék ) . Nei war och eng Prüfung mat Kostuméirung, wou all Reider sech a säi Päerd konnt besonnesch erausfizen fir seng Prüfung ze reiden. Hei war di 2. Plaz fir d'Isabelle Rennel, Nummer 12. d'Michelle Bossau, 13. d'Tessy Schiff-Herman.

Dressurpferde A fir jonk Päerd: 3. Véronique Henschen an 10. Anouk Cordewener
Dressurpferde L fir jonk Päerd: 2. Véronique Henschen
Dressurpferde M fir jonk Päerd: 4. Véronique Henschen
Dressur A**: 11. Isabelle Rennel, 14. Tessy Schiff-Herman, 20. Liv Schmit an Tessy Schiff-Herman
Dressur M*: 4. Véronique Henschen a 14. Viviane Bintner
Dressur S*: 1. Véronique Henschen, 10. an 12. Viviane Bintner
Dressur-Kür M: 1. Véronique Henschen
Dressurwettbewerb E: 3. an 11. Isabelle Rennel, 14. Liz Wagner an 23. Michelle Bossau
Dressurwettbewerb A (Kür): 2. Isabelle Rennel, 7. Tessy Schiff-Herman
Reiterwettbewerb Schritt-Trab-Galopp: 5. a 6. Channa Seyler



# Vum 30.Juli - 2. August grousst Sprangturnéier.

D'Sprangturnéier ass dëst Joer fir d'éischt vun 3 op 4 Deeg verlängert ginn. Donneschdes goung et lass mat de Springpferdeprüfungen, d.h. di 3-jähreg, 4-jähreg a 5-jähreg Päerd hu sech deene verschiddene Prüfungen gestallt.

Vill Auslänner, virun allem di däitsch Reider si vu wäit ugereest fir sech der Konkurrenz ze stellen. An deenen eenzelne Prüfungen ware bis zu 140 Starter ageschriwwen, sou datt sech eng Prüfung iwwer Stonnen higezunn huet.

Ugebueden goufe Prüfungen vun de Klassen A*, A**, L, M*,M**, S*,et S**. Sonndes mëttes war de Grousse Präiss vu Waldbriedemes, eng Sprangprüfung S** mat Siegerronn, wou 44 Starter ugetruede sinn. Dee gouf gewonne vum Jonathan Arleff aus Däitschland op Commander Bond. Vun deene ville Starter sinn nach folgend Lëtzebuerger plazéiert ginn: 6. Bjorn Rohrbach - Cav. Réunis, 7. Noémie Goergen - Club Hipp. Nord, 8. Marcel Ewen -Club Hipp. Beaufort, 11. Kim Grangenette - Club Hipp. Nord an 12. Victoria Häussler - CEL

Mee di kleng Reider, d.h. de Nowues war awer och net vergiess: do war um Programm ee Führzügelwettbewerb, dee gewonne gouf vum Chana Seyler vum CEP.

Den Highlight vum Turnéier ass samsdes owes ugebuede ginn. Ganz vill Leit ware komm a ware begeeschtert.

**Um Programm stoungen:**
Jump and Drive, wou e Reider geridden ass an eng Begleedung mam Auto gefuer ass; dës Prüfung gouf gewonne vum Jessica Fraiture; (Reider vum CEP, di plazéiert waren: 3. Liz Wagner, 8. Isabelle Rennel an 10. Laura Kintzinger).

Duerno huet Six Barres ( bis 2 m Héicht ) bei Flutliicht mat 11 Starter de Publikum begeeschtert, huet gewonnen de Kim Grangenette (7. Noémie Goergen - Club Hipp. Nord, 8. Marcel Ewen - Club Hipp. Beaufort, 11. Kim Grangenette - Club Hipp. Nord, 12. Victoria Häussler - CEL)

Zum Schluss ass eng Fire Show gebuede ginn.

De Publikum war begeeschtert; schued fir deen, deen et verpasst hat !

E puer wichteg Resultater vu CEP-Sprangreider, di plazéiert goufen!

| | | |
|---|---|---|
| A* | 13. | Liz Wagner |
| A** | 3. an 9. | Fabrice Meyers |
| | 5. | Liz Wagner |
| | 8. | Laura Lorang |
| | 9. | Isabelle Rennel |
| L | 4. , 5. ,7., an 12. | Fabrice Meyers |
| | 4. | Laura Kinzinger |
| | 7. | Deborah Goergen |
| | 14. an 19. | Alexander Wagner |
| M* | 6. an 12. | Laura Kinzinger |
| | 12. | Fabrice Meyers |
| M** | 5. | Laura Kinzinger |



# Tournois d'été, organisés par le CEP  et  l'EL

*En raison des nombreuses nominations, les clubs ont prolongé la durée du tournoi à 3 jours de compétition.*

*Ils ont offert des épreuves des classes  E, 0,  A*, A**,  L , M et S. Le dimanche on a offert une épreuve de figures libres, réalisées sur un fond musical choisi par le cavalier. Très amusante et originale se présentait l'épreuve costumée.*

*Du 6 au 9 août grand tournoi de sauts*

*Pour la première fois on a dû prolonger le tournoi de sauts à 4 jours de compétition. Le jeudi était réservé aux jeunes chevaux ( 3- 4- 5 ans ). Beaucoup de cavaliers étrangers, surtout allemands, sont venus de loin pour participer aux sauts d'obstacles. Nombreuses étaient les inscriptions, notamment 130 à 140 participants par épreuve. Les clubs ont offert différents niveaux, à savoir A*, A**, L, M*,M**, S*,et S**.  Le dimanche après-midi, l'épreuve-phare était le Grand Prix de la Commune de Waldbredimus, une épreuve du niveau S** avec barrage, où 44 participants se présentaient; Jonathan Arleff sur Commander Bond (allemand) en sortait vainqueur. Les cavaliers luxembourgeois se sont classés*

*6. Bjorn Rohrbach - Cav. Réunis*
*7. Noémie Goergen - Club Hipp. Nord*
*8. Marcel Ewen -Club Hipp. Beaufort*
*11. Kim Grangenette - Club Hipp. Nord*
*12. Victoria Häussler - CEL*




*Une épreuve spéciale réservée aux petits cavaliers fut gagnée par Chana Seyler du CEP.*

*La partie amusante du tournoi eut lieu le samedi soir où beaucoup de monde s'était rassemblé pour admirer le jump and drive, une combinaison de sauts d'obstacle et de course en auto avec 3 succès de cavaliers du CEP.*

*Par la suite l'épreuve des six barres  ( 2 mètres max.)  sous flots de lumière avec 11 participants a enthousiasmé le public, qui a bien acclamé le vainqueur luxembourgeois Kim Grangenette .*

*La soirée se terminait par un Fire Show, qui a su ravir un public  nombreux.*



# Generalversammlung vum T.d.T. Oetrange-Waldbredimus




**Ausgeglichene Lage auf allen Ebenen.**

Stabile Situation bei den Mannschaften, den Finanzen sowie der Vereinsleitung. In der fünften ordentlichen Generalversammlung des T.d.T. Oetrange-Waldbredimus konnte den Mitgliedern und Sympathisanten in Anwesenheit der Vertreter der beiden Gemeinden Contern und Waldbredimus eine ausgeglichene Bilanz auf allen Ebenen vorgelegt werden. Das Spielerpotential hat sich kaum verändert, im Vorstand gab es, bis auf die Position des Kassierers, keine Änderungen und die Ein- und Ausgaben erfuhren kaum wesentliche Unterschiede zu den Vorjahren.

Das gute Verhältnis unter den Vereinsmitgliedern sorgte laut Sekretär Gilbert Godart auch letztes Jahr bei den traditionellen Veranstaltungen (Festival BD, Kéisowend und Kirmes) wie bei dem 15. Syrdallcup für den notwendigen Erfolg um die weitere Finanzierung der sportlichen Aktivitäten zu gewährleisten. Nach zwei erfolgreichen Jahren ohne Abstieg der ersten Mannschaft, präsentiert sich die sportliche Bilanz insgesamt ausgeglichen. Die Anmeldung einer 7. Mannschaft unterstreicht die positive Weiterentwicklung und einige aufstrebende Jugendspieler lassen auf weitere Erfolge in den kommenden Jahren hoffen. Bei den Jugendkategorien Jeunes, Cadets und Minimes erreichten die verschiedenen Mannschaften denn auch einen ersten Platz in ihren jeweiligen Bezirken. An Einzelleistungen sei hervorzuheben: der erste Platz von Dan Wintersdorff im Doppel zusammen mit Claude Bouschet (Bech-Macher) beim Veterans-Day sowie die vorderen Plätze unserer Jugendspieler Lisa Jacoby, Anouk Heynes und Lynn Ruppert beim Ladies & Girls Day.

Der von Kassierer Patrick Reuter vorgetragene Kassenbericht weist eine ausgeglichene, wenn auch leicht strapazierte finanzielle Lage des Vereins auf. Die Kassenrevisoren konnten denn auch die Richtigkeit der Eintragungen bestätigen und vorschlagen den Kassierer zu entlasten. Beim Haushaltsentwurf für 2015 wird erneut durch erhöhte Trainingskosten im Jugendbereich sowie dem zu erwartenden Rückgang der Einnahmen aus Veranstaltungen mit einer erheblichen Mehrbelastung der Kasse gerechnet.

Im vergangenen Jahr war der Verein durch Marco Schmit als Verantwortlicher der Öffentlichkeitsarbeit im Comité Directeur der FLTT vertreten. Unterstützt durch Jeff Moes wird das Jugendtraining weiter durch die ehemalige deutsche Meisterin und Weltranglistenspielerin Olga Nemes geleitet. Mit Olga Nemes, Dan Wintersdorff, Kevin Jäger und Jeff Moes strebt die erste Mannschaft den Verbleib in der Nationale 2 mit Zuversicht an. Die weiteren Mannschaften werden u.A. mit dem schrittweisen Einbeziehen der Jugendspieler für die Herausforderungen der kommenden Meisterschaft gewappnet sein.

Für das kommende Jahr setzt sich der Vorstand wie folgt zusammen: Marco Schmit, Präsident; Gilbert Godart, adm. Sekretär; Pit Lauer, techn. Sekretär; Patrick Reuter, Kassierer sowie Guillaume Engel, Jeannot Doerfel, Jeff Moes und Xavier Schmit, Beisitzende.

Voll des Lobes äußerte sich Bürgermeister Louis Oberhag über die Leistungen des Vereins und sicherte ihm für die Zukunft die Unterstützung der Gemeinde zu. In seiner Ansprache beglückwünschte Conterns Bürgermeister Fernand Schiltz den Verein für die geleistete Arbeit, welche besonders der heranwachsenden Jugend zu Gute kommt. Betreffend des nun im Bau befindlichen neuen Sportsaals war zu erfahren, dass die neue Einrichtung voraussichtlich für die Rückrunde 2015-16 zur Verfügung steht und dann sollen dem Verein weitere Saalprobleme erspart bleiben.

2015
**01-08|08**

# Camp vun de Jugendpompjeeën zu Conter

En Zischen, gefollegt vum Knuppe vu Freedefeier. Dono Flamen, an ëmmer méi Flamen, verbonne mat ganz vill Damp. Mee um Schluss konnten d’Flamen sech géint den Damp duerchsetzen an hunn domat de Camp 2015 vum 1. bis zum 8. August zu Conter offiziell opgemaach. Eng pyrotechnesch Installatioun vum Pierchen Welter huet d’Lagerfeier um éischten Dag vum Camp ugefaangen. Ronderëm hunn eng 80 Jugendlech an Erwuessener dëse Spektakel an enger Wiss an der rue des Prés zu Conter nogekuckt.

Schonn am Joer 2012 ass mat der Planung vun engem Camp fir Jugendpompjeeën am deemolege Kanton Lëtzebuerg-Land ënnert dem Impuls vum Martine Grohmann, Kantonaljugendleederin a Patrick Kubisch, Chef de Corps adjoint vu Conter ugefaange ginn. Wéi dunn d’Federatioun vun de Pompjeeën sech nei a Regioune gegliddert huet, an d’Kantonen ofgeschaaft goufen, hu sech d’Pompjeeë vun de Gemenge Conter-Waldbriedemes (SIS-CCW) zesumme mam Centre d’Intervention Niederanven-Schuttrange (CINS) dozou gëeenegt, dëse Camp zu Conter ze organiséieren. D’Gemenge Conter, Nidderanven, Schëtter a Waldbriedemes hunn de Patronage vun dëser Organisatioun iwwerholl, an domat op e Neits bewisen, dass si voll a ganz hannert hire Pompjeescorpse stinn.

Eng sëlleche Sponsoren hunn et duerch hir finanziell a materiell Ënnerstëtzung erméiglecht, en interessante Programm fir déi ronn 50 Jugendpompjeeën op d’Been ze stellen.

### Héichpunkt um 2. Dag : Porte Ouverte

Als Héichpunkt kann een d’Porte Ouverte direkt den zweeten Dag gesinn. Eltere, Frënn a Leit aus der Géigend waren agelueden, sech esou ee Camp méi genee ukucken ze kommen. Eng Rëtsch Gefierer woren ausgestallt, an zwou Demonstratioune goufen ugebueden: d’Opschneide vun engem accidentéierte Gefier duerch den CINS an d’Läsche vun engem Zëmmerbrand (am eegene Brandcontainer) duerch den SIS-CCW. Et wor och eng Schmëtt opgeriicht ginn, wou all Interesséiert sech d’Veraarbechtung vum gléiend rouden Eise méi genee konnten ukucken, an och selwer Hand uleeë konnt. Lëschteg hier goung et och beim Schlauchzéien, wou genee wéi beim Seelzéien, verschidden Equipen, sief dat Grouss oder Kleng, géinteneen ugetruede sinn. Mat engem gudde Maufel, zerwéiert vun der Kichenequipe, an engem sëffege Patt, wor beschtens fir all Invitéeë gesuergt.

### En ofwiesslungsräiche Programm

No der Porte Ouverte konnt de Camp elo sou richteg starten. Nieft Atelieren, déi déi ganz Woch iwwer gelaf sinn, wéi d’Opriichte vun Holzkonstruktiounen (ënner Form vu Bänke ronderëm d’Lagerfeier, enger Klunsch, engem Aganksportal an enger Dusch ënnert engem Tepee-Zelt), oder dem Baue mat Legosteng, déi extra fir de Camp gesammelt goufen, oder dem Zesummebaue vun engem Mosaik mam Camplogo, stoungen eng Rei Visiten, Rallyen, Sport a Spill um Programm.








En Dagesrallye huet déi jonk Pompjeeën duerch d'Bëscher vum Sennéngerbierg gefouert an de Nuetsrallye, deen als « Adventure Trip » ugekënnegt gouf, ass ronderëm Conter organiséiert ginn, mat der Kuriositéit, dass de Rallye quasi duerch d'Kiche vum Campchef Patrick Kubisch gefouert huet, deen als Pizzaiolo a sengem Steenuewen, fir déi ganz Equipe Pizza gemaach huet.

Eng ganz impressionant Visite war bei de Beruffspompjeeë vum Fluchhafen, wou déi Jonk mat hire Moniteuren zwee fonkelnei « Flugfeldlöschfahrzeuge » vum Typ « Panther » an e sëllechen anert Material virgestallt kruten. Sportleches stoung mam Schwammegoen an der Syrdallschwemm an engem Dag um Stauséi mat Floossbau a « Standup Paddeling » um Programm.

E liicht wëssenschaftlechen Touch krut de Camp duerch Ateliere vu P.I.N.S. a.s.b.l. (Projets Interactifs Scientifiques), wou verschidde wëssenschaftlech Experimenter (Rakéite bauen aus PET-Fläschen a Baue vu « wind shooters » aus Eemere fir Damp ze « schéissen ») op eng spilleresch Aart a Weis gemaach goufen.

Nieft all dësen Aktivitéite woren nach um Site vum Camp e Kickerturnéier op engem extralaange Kickerdësch, déi eng oder aner Pompjeesübung, Amusement um Waassersprangschlass an eng improviséiert Waasserschluecht, déi eng wëllkommen Erfrëschung bei Temperaturen iwwer 30°C gebueden huet.

Och den Owesprogramm war gutt gefëllt. Hei ass besonnesch d'Lagerolympiade ervirzehiewen, wou all Equipe sech e Spill ausgeduecht huet. Ower och déi eng oder aner Spillronn an de Kino am groussen Zelt hu fir déi néideg Ënnerhalung gesuergt. Dën allerleschten Owend, duerft no enger klenger « Science-Show » duerch P.I.N.S. a.s.b.l. déi traditionell Lagerdisco net feelen.

### Eng Ofschlossfeier fir Merci ze soen

An du war en och schonn eriwwer, de Camp. Um leschten Dag hunn d'Jugendpompjeeën, nodeems zum « Rassemblement » geruff ginn ass, séier d'Lagerfeier mat e puer Eemere Waasser ausgemaach, ier dunn am groussen Zelt a Präsenz vu villen Éieregäscht aus Politik, Landesverband a Regionalverbänn (Osten, Zentrum a Süden) an dem ale Kantonalverband Lëtzebuerg-Land, dee no senger Opléisung der Organisatioun vum Camp en Deel vu senger Kees zoukomme gelooss huet, verschidde Leit d'Wuert ergraff hunn. Dëst woren de Patrick Kubisch als Campchef, den Alain Grohmann an Yves Schumacher als Corpschefe vu Nidderanwen-Schëtter a Conter-Waldbriedemes, a stellvertriedend fir all Éieregäscht aus der Politik, de Fernand Schiltz als Buergermeeschter vun der Gemeng Conter, deen um Uschloss och op den Éierewäin invitéiert huet. An all dëse Riede stoung de Merci am Mëttelpunkt. Ugefaange bei de Gemengen a Sponsoren iwwer den ale Kantonalverband Lëtzebuerg-Land, de Moniteuren an Hëllefspersonal, wou besonnesch d'Kichenequipe e Luef verdéngt huet, ouni déi ganz Logistik ze vergiessen, bis bei d'Organisatioun vum Camp mam Patrick Kubisch a Martine Grohmann un der Spëtzt. Den Highlight vum Camp awer woren d'Jugendpompjeeën, déi aus de Corpse Conter-Waldbriedemes, Hesper, Kanech-Wuermer, Nidderanwen-Schëtter a Weiler-zum-Tuerm koumen an dëse ganz erfollegräiche Camp mat Liewe gefëllt hunn.

*Philippe Rennel / Yves Schumacher*










2015
**11|07**



*Fotoen: Steve Hopp*

# Kanu-Tour

Genau wie letztes Jahr hat der Sports- und Jugendkommission ihre Mitbewohner in der Gemeinde auf eine entspannende und naturnahe Kanutour auf der Sauer mit eingeladen.

Insgesamt 17 Kinder, Jugendliche und Erwachsene haben teilgenommen und bei Sommerliche Temperaturen die ca. 17km idyllische Strecke im Sauertal, zwischen Bollendorf Camping Altschmiede und Minden, in gute 3 Stunden bewältigt. Nach den Anstrengungen haben alle Teilnehmer sich gemeinsam, während ein Gemütliches Mittagsessen, wieder ausruhen können.

2015
**17|04**

# Maison Relais bei der TicTac Parade

















Tic-Tac, sou war d'Thema vun der Parad 2015, déi all zwee Joer vum Capel (Service vun der Stader Gemeng) organiséiert gëtt.

Mir waren dëst Joer fir d'éischte Kéier dann och dobäi.

D'Thema war séier lancéiert. Fir d'Kanner war et kloer, Tic-Tac, heescht fir si « Auer » …. « d'Zäit leeft ».



Jo richteg, d'Zäit leeft, an dofir hu mir da gekuckt iergendwéi d'Evolutioun vum Mënsch kënnen duerzestellen.

De CAPEL huet eis ënnerstëtzt an eis eng riisen Auer gebaut, wou mir derduerch lafe konnten.

Zesumme matt de Kanner hu mir samschdes mueres um Thema geschafft. Et war eng immens Ambiance, d' Nadine huet Gedrénks vun doheem matbruecht, d'Trine huet Kuch gebak. Sou léisst et sech schaffen.





De 27.6.2015 war et dunn esou wäit. Mir sinn an d'Stad gefuer fir un der Parad deelzehuelen.

E grousse Merci un eis Gemeng, den CAPEL an un d'Elteren, déi eis de ganze Wee duerch d'Stad begleet hunn.

E ganz spezielle Merci awer geet un de Lenox R., d'Klara H., Linnea B., D'Shems-Dyiaa S., Tara P. Lilly D., de Benjamin B, de Billy T., de Samuel V., de Jérémy L., de Lucas O., de Matteo P., de Massimo P., d'Anouk H. an den Tom K.

Ouni si wier fir d'Maison Relais keng Parad Tic-Tac méiglech gewiescht.

Un all d'Kanner aus der Gemeng : Schwätzt mat äre Kollegen. Se zielen iech wéi flott et war a sidd all dobäi, wann et 2017 heescht : « D'Kiischtenascht geet an d'Stad op d'Parad »









# Vakanzaktivitéiten vum 20.7-24.7.2015 zum Thema : « Mister Science a Co »

Dëst Joer stoungen d'Vakanzaktivitéiten ënnert dem Thema « Science an Experimenter ». Et war eng ganz flott Erfahrung fir d'Kanner, mee och fir eis. Et ass faszinant ze gesinn mat wat een alles kann Experimenter maachen.

Am Kader vum Thema huet eis d'Auslandsexcursioun op Pirmasens an den Dynamikum gefouert. Mir konnten do de ganzen Dag testen, experimentéieren a rätselen wéi verschidden Reaktiounen méiglech sinn. Seng sportlech Leeschtung konnt een och préiwen, wéi et geheescht huet eng Course géint Déieren ze maachen a seng Kraaft mat engem Elefant oder engem Adler ze vergläichen.

Wéi vill Kraaft weist mäi Schoss vun engem Fussball a wéi héich an d'Luucht kann ech sprangen? Mir souzen ausserdeem an engem Haus, wat op d'Kopp gedréint ginn ass. Komescherweis souze mir awer nach ëmmer op eiser Bänk.

No ausprobéieren, testen an experimentéieren sinn mir zum Schluss op d'Wiss gaangen, wou d'Kanner nach vun de Waasserspiller konnte profitéiren…

Et war e flotten a gelongenen Ausfluch.

De leschten Dag hu mir dunn alleguer nach geléiert wéi et méiglech ass, datt mir kënnen iwwert d'Waasser lafen ouni ënner ze goen.









# D'Equipe vun der Maison Relais fir d'Rentrée 2015-2016

- **Chargée de Direction :** Mme Cindy Graeffly
- **Adjointe à la direction :** Mme Nadine Thoma
- Mme Steffi Baldelli
- Mme Stéphanie Felten
- Mme Martine Molling
- Mme Brigitte Fournel
- Mme Pascale Polfer ( tâche école / formation pour éducatrice diplomée)
- Mons. Marco Ferranti pour remplacer le congé parental de Mme Joceline Martins

# Vernissage 2015

Wéi all Joer  stoung eng Woch vun der Summervakanz ënnert dem Thema Konscht.

Dëst Joer hu mir eis un d'Wierker vun de Kënschtler Rizzi, Matisse, Klimt an Klee erugetraut. D'Kanner waren motivéiert an hu sech ganz gutt dru ginn.

Den 30. Juli hate mir eise Vernissage. E grousse Merci un déi Leit, déi d'Kanner ënnerstëtzt hunn an kucke komm sinn.







# Konscht-Atelier










# Action locale pour jeunes



*L'Action locale pour jeunes est le service du Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse qui offre information et accompagnement aux jeunes*

*qui se trouvent en transition de l'école à la vie professionnelle, ou*

*qui ont quitté l'école sans avoir obtenu de diplôme, ou*

*qui cherchent un poste d'apprentissage, ou*

*qui veulent s'informer sur les offres de formation initiales et continues.*

*N'hésitez pas à demander notre soutien en prenant un rendez-vous par téléphone.*



ALJ Luxembourg
Maison de l'orientation
58, bd Grande-Duchesse Charlotte
L-1330 Luxembourg

Tél: 24775941 ou 24775942 ou
24775943 ou 24775944
alj-lux@education.lu

Marie-Rose Schroeder, Yves Pauly,
Norbert Hanck, Guy Tondt
ALJ Luxembourg

Die Action locale pour jeunes ist eine Dienststelle des Ministeriums für Bildung, Kinder und Jugend welche Jugendliche berät und begleitet, wenn sie sich im Übergang zwischen Schule und Berufsleben befinden, oder die Schule ohne Abschluss verlassen haben, oder eine Lehrstelle suchen, oder sich allgemein über die Angebote der Luxemburger Schulen informieren wollen.



Zögern Sie nicht unsere Hilfe in Anspruch zu nehmen indem Sie per Telefon einen Termin mit uns absprechen.



*Cycle 1.1 an 1.2*

*1. Zoé Feyereisen, Annaïs Urriça, Julie Merges, Luana Oliveira, Max Apel, Jack Body, Charel Glodt, Elisabeth D'Amico, Emile De Cillia, Yanis Ballinger,*

*2. Neila Mahmutovic, Max Chenet, Noah Mathias, Jérémie Heller, Chloé Schmitz, Felix Bauler, Lisandro Costa Da Silva, Klara Heynes, Maxim Manzella, Dylan Monteiro Mendes,*

*Jofferen: Claudine Reuter (l.) a Claudine Hemmen (r.)*



*Cycle 2.1*

*1. Araujo Alexandre Ruben, Ramos Graff Lenox, Colling Alexandra, Colling Lionel, Bodker Linnea, Wallaert Andréa, Klein Eléa, Wolles Lennox*

*2. Felten Chloé, Monti Kiana, Fisch Noé, Weis Louis, Calado Valério Filipe, Kilburg Nik, Reiter Hannah, Tunc Hiva*

*Joffer: Sharon Krack*




*Cycle 2.2*
*1. Honorine Chenet, Mariana Santos Moura, Bob Apel, Raphaël Colling, Yan Ribeiro*
*2. Ryan Rodrigues Aparicio, Thibaut Cherrier, Loïc Felten, Jazzie Oms, Shenna Kent, Amanda Schmit.*
*Joffer: Danielle Schoux-Gondringer*



*Cycle 3.1*
*1. Shems-Diyaa STORME, Hélin TUNC, Chiara LOPES, Tara PAULUS, Zoé MATHIAS, Agnès CHENET*
*2. Michel STEFFEN, Billy TROES, Lilly DE CILLIA, Ivan TROPIANO, Afonso RODRIGUES FAJARDO, Nastja KNEPPER, Ona HAOT LEMHACHHECHE*
*Schoulmeeschter: Michel Steffen*



*Cycle 3.2*
*1. Jérémy Lima Rodrigues, Sara Nilles, Samuel Calado, Valerio, Eduards Nikolovskis,*
*2. Andreia Rodrigues Aparicio, Matteo Pierini, Yana Caye*
*Joffer: Christine Schmit*




*Cycle 4.1*
*1. Max Jacoby, Tim Entringer, Hannah Mackenzie, Lisa Jacoby, Federica Tropiano, Lucas Oliveira*
*2. Selma Erovic, Albin Adrovic, Matilda Ristovska, Noé Tropiano, Timmy Differding*
*Schoulmeeschter: Volker Becker*




*Cycle 4.2*
*1. Rei vu lénks  no riets: Arijana Adrovic, Jeff Caye, Noé Ribeiro.*
*2. Rei vu lénks no riets: Melanie Hemmen, Pauline Cherrier, Massimo, Pierini, Tom Kremer, Max Cordewener.*
*Joffer: Melanie Hemmen*



*Cycle 1 Précoce*
*1. Van Wissen Laura, Martins Texeira Mathilde, Storme Yasmine, Gunckel Sam, Heller Apolline, Reiter Sarah*
*2. Lopes Goncalves Duarte, Elvinger Kyara, Schmitz Charlotte, Kilburg Lise, Araujo Alexandre Kyana, Klein Oscar, Lammar Logan  Lommel Maggy*
*Jofferen: Maggy Lomme, Carla Murias (n.a.)*

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service de la formation professionnelle

# Action locale pour jeunes

## entre école et emploi





### ALJ Grevenmacher
15, route de Trêves
L-6793 Grevenmacher
Tél&Fax : 748612
Email : alj-wass@education.lu
**Uniquement sur RV**

### ALJ Luxembourg
Maison de l'orientation
58, bd Grande-Duchesse Charlotte
L-1330 Luxembourg
Tél : 24775941 ou 24775942 ou 24775943 ou 24775944
Fax : 403706
Email : alj-lux@education.lu
**uniquement sur rendez-vous**

# An dëser Nummer


| | |
|---|---|
| Autorisations de construire | 4 |
| Routineangelegenheiten im Gemeinderat | 4 |
| PAP in Trintingen genehmigt | 5 |
| Schwammmeeschterschaft vun de Pompjeeën | 6 |
| Spillschoulsklass a Précoce bei de Pompjeeën | 6 |
| Offiziell Feier vun der Fusioun vun de Pompjeecorpsen | 8 |
| Kommunioun 2015 | 8 |
| „Eis Kierch-Eis Uergel Waldbriedemes“ | 9 |
| Generalversammlung vum Cercle Culturel et d'Initiative | 10 |
| Schoulsportdag 2015 | 10 |
| Generalversammlung 2015 vun der Trëntenger Buhn | 11 |
| Fête des Voisins | 12 |
| „Moviesounds“ zu Waldbriedemes | 13 |
| Waldbredimus en chiffres | 14 |
| Concert op der Place d'Armes | 15 |
| Coupe Scolaire 2015 | 16 |
| Tag der offenen Kirche Walbredimus | 17 |
| Streetconcert zu Ierpeldéng | 17 |
| Concert op der Fête de la musique zu Stadbriedemes | 19 |
| Nationalfeierdag zu Waldbriedimus | 21 |
| Velostour Sportskommissioun | 22 |
| Grillfest bei der Amicale vun de Pompjeeë | 23 |
| Schüler-Auditioun UGDA | 25 |
| Dammenturnveräin | 25 |
| 70 Joer Kiischtefest | 26 |
| 70. Kiischtefest zu Trënteng | 27 |
| Grondschoul Trënteng zu Paräis | 28 |
| Theater Maison Relais | 29 |
| CEP Summerturnéier 2015 | 30 |
| Groussт Sprangturnéier | 31 |
| Tournois d'été, organisés par le CEP et l'EL | 32 |
| T.d.T. Oetrange-Waldbredimus | 33 |
| Camp vun de Jugendpompjeeën zu Conter | 34 |
| Kanu-Tour | 36 |
| Maison Relais bei der TicTac Parade | 36 |
| Firbereedung Parad Tic-Tac | 37 |
| Vakanzaktivitéiten « Mister Science a Co » | 39 |
| D'Equip vun der Maison Relais fir d'Rentrée 2015-2016 | 40 |
| Konscht Atelier | 41 |
| Action locale pour jeunes | 42 |
| Manifestatiounskalenner | 48 |


# Manifestatiounskalenner

| | |
|---|---|
| 07. November 2015 | Hämmelsmarsch zu Trënteng |
| 08. November 2015 | Kiermes zu Trënteng |
| 14. November 2015 | 10.30h Dag vum Bam, Trënteng |
| 15. November 2015 | Éiter Kiermes (Kiermesiessen) Org. Dëschtennis Éiter-Waldbriedemes |
| 22. November 2015 | Kiermes zu Waldbriedemes |
| 22. November 2015 | Cecilienfeier (Bous) |
| 27. November 2015 | Kéisowend Org. Dëschtennis Éiter-Waldbriedemes |
| 05. Dezember 2015 | De Kleeschen kënnt op Waldbriedemes |
| 13. Dezember 2015 | Chrëschtconcert Trënteng (Trëntenger Musek) |
| 19. Dezember 2015 | Krëschtuucht ze Waldbriedemes |
| 09. Januar 2016 | Generalversummlung ‚Amicale vun de Pompjeeën' |
| 10. Januar 2016 | Generalversammlung ‚Trëntenger Musek' |
| 23. Januar 2016 | Fueskniet baken (Trëntenger Musek) |
| 27-28 Februar 2016 | Fuesrevue (Trëntenge Musek) |

## Eis Fotografen

| | |
|---|---|
| Liz Bohler | 691 698 512 |
| Steve Hopp | 691 355 128 |
| Vanessa Rees | 621 260 882 |
| Marc Schumacher | 621 786 271 |
| Pol Thiltges | 621 192 861 |
| Jouko Menger | |

## Informatiounskommissioun

| | |
|---|---|
| Georges Birkel | 23 67 64 19 |
| Liz Bohler | 691 698 512 |
| Martin Bohler | 691 250 300 |
| Erika Urhausen-Cramer | 23 66 14 65 |
| Marcelle Mangen-Friederich | 23 66 83 96 |
| Gilbert Godart | 23 66 03 46 |
| Steve Hopp | 691 355 128 |
| Jos Jung | 39 83 01 |
| Jouko Menger | 26 35 03 78 |
| Fabio Secci | 621 256 760 |
| Pol Thiltges | 621 192 861 |
| Leslie Wilson | 26 35 08 97 |

Green up your Communication kiwimedia.lu